PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 17:08, 21/09/2020

Lëtzebuerg, den 21/09/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Zënter méi wéi engem Joer sinn op der Collectrice zu Péiteng reegelméisseg Bauaarbechten, déi zu Schantjen op der Strooss féieren. A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°586 d'lescht Joer hat de Minister mir geäntwert, datt eng Adaptatioun vun engem Reewaasserbaseng zu Péiteng an der Rue de la Piscine gemaach gëtt. Elo war et esou, datt de Schantje gutt e puer Méint fäerdeg war, ma virun e puer Méint erëm een neie Schantjen hei opgemaach huet. Allerdéngs ass d'Markéierung vun der Fuerbunn net optimal: di giel Linnen, déi sech mat de wäisser Stroossemarkéierung vermëschen, si virun allem an der Nuecht net ze gesinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Handelt et sech bei dësem Schantjen nach ëmmer ëm den nämmlechte Projet, wéi d'lescht Joer? Falls jo, firwat gouf de Schantje kuerzzäiteg pauséiert an elo erëm een neien opgemaach?

2. Aktuell sinn och vill Aarbechten op besotenem Schantjen ze gesinn. Wéi gesäit den Zäitplang fir dëse Schantjen aus a bis wéini wäert d'Strooss erëm fräi sinn?

3. Firwat ass dëse Schantjen (Stand haut) net op cita.lu ze gesinn?

4. Kann de Minister senge Servicer weiderleeden, de Schantje scho vu wäitem besser siichtbar ze maachen, z.B. mat LED-Warnsignaler an enger mi siichtbarer Stroossemarkéierung?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 16 OCT. 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

REÇU
Par Alff Christian , 15:50, 16/10/2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°2862 du 18 septembre 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant les chantiers sur la collectrice à Pétange, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°2862 vum 18. September 2020 vum éierbaren Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Chantiers sur la collectrice à Pétange"**

1. *Handelt et sech bei dësem Schantjen nach ëmmer ëm den nämmlechte Projet, wéi d'lescht Joer? Falls jo, firwat gouf de Schantje kuerzzäiteg pauséiert an elo erëm een neien opgemaach?*

   Momentan ass e Schantjen op der N31 zu Péiteng amgaangen. Et ass nach dee selwechten Projet ewéi virdrun. Et handelt sech hebäi ëm Aarbechten déi vum Ofwaassersyndikat SIACH gemaach ginn an déi duerch eng Permission de voirie geneemegt goufen. De Schantje gouf net pauséiert, mee en ass a verschidde Phasen agedeelt. Net all Phas vun dësem Projet benéidegt eng Verengung vun der N31.

2. *Aktuell sinn och vill Aarbechten op besotenem Schantjen ze gesinn. Wéi gesäit den Zäitplang fir dëse Schantjen aus a bis wéini wäert d'Strooss erëm fräi sinn?*

   Den Zäitplang vun dësem Projet gesäit vir, de Schantje bis Enn 2020 ofzeschléissen. E méi genauen Delai kann de SIACH bedéngt duerch eventuell Imprevuen nach net nennen. Et bleift ze erwänen dass déi aktuell Situatioun op der N31 (Vitess-Limitatioun a Stroosseverengung op 2 x 3 Meter) e minimalen Impakt op den Trafic huet an dass duerch dës Mesuren e proppere Verkéiersfloss weiderhi garantéiert ass.

3. *Firwat ass dëse Schantjen (Stand haut) net op cita.lu ze gesinn?*

   De Projet op der N31 vum SIACH ass geméiss internen Instruktiounen an enger Applikatioun „Info Chantiers" ënnert der Nummer ID 34425 agedroen an ass och op cita.lu ze gesinn.

4. *Kann den Minister senge Servicer weiderleeden, de Schantje scho vu wäitem besser siichtbar ze maachen, z.B. mat LED-Warnsignaler an enger mi siichtbarer Stroossemarkéierung?*

   De Schantjen ass konform signaléiert an och duerch Clignotanten esouwuel daagsiwwer ewéi och nuets gutt siichtbar. Dës Signalisatioun gëtt reegelméisseg vun der zoustänneger Brigade vun der Stroossebauverwaltung kontrolléiert.